



N° 6068
Reçue le 15.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 19.04.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

GPS-Systemer gehéiere méttlerweil zum alldeegleche Liewen, sief dat am Secteur vun der Schëffffahrt, der Fligerei, an eisen Autoen oder an Handyen. De Krich an der Ukrain wéisst awer, wéi ufälleg dës Kommunikatiounsform ka sinn. D'EASA, d'europäesch Fluchsecherheitsagentur, huet am Mäerz gemellt, dass et a verschiddenen europäesche Regionen zu Ausfäll vum GPS kوم. Dëst zum Beispill am Mëttelmierraum bei Zypern awer och bei Finnland. Zu Lëtzebuerg ass den *Haut-Commissariat à la Protection nationale* zoustänneg fir de Schutz vu kriteschen Infrastrukturen. D'Satellittekommunikatioun fält och ënnert dës kritesch Infrastrukturen, déi am Règlement grand-ducal vum 21.02.2018 definéiert sinn an déi an engem Noutfall mussen ofgeséichert sinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi fern géing en Ausfall vum GPS-System sech op d'Sécherheet vu lëtzebuergesche kriteschen Infrastrukturen auswierken?
2. An der Äntwert op d'Fro n°3533 huet den Minister erkläert:

"Et ass net esou datt ee Sécherheits- a Kontinuitéitsplang fir e ganze Secteur ausgeschafft gëtt, ma et ass un dem eenzelne Bedriwer vun enger kritescher Infrastruktur esou ee Plang opzestellen an dem HCPN d'Moosnamen fir de Schutz, d'Kontinuitéit, d'Resilienz an de Krisemanagement fir seng kritesch Infrastruktur matzedeelen.

[...]

Speziell wéinst der Cybermenace huet all Bedriwer vun enger kritescher Infrastruktur d'Méiglechkeet fir mam GovCERT zesammenzeschaffen."

Goufen och fir de Sektor vun der Satellittekommunikatioun Sécherheits- a Kontinuitéitspläng ausgeschafft? Gesäit de Minister mam Hannergrond vun de russeschen Ugrëffer op d'Ukrain ee Besoin, fir dës Plang nei z'evaluieren? Wa jo, a wéi enger Form?



www.piraten.lu

3. Huet Lëtzebuerg e Backup-System, deem am Land selwer lokaliséiert ass?
4. Falls dëst net de Fall ass, gesäit de Minister ee Besoin, fir esou ee Backup opzestellen? Notamment iwwert de 5G?
5. Gouf et an dësem Dossier eng Kooperatioun mat aneren europäesche Länner? Wa jo, a wéi enger Form?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

